

FILM LUX FEST

LUXEMBOURG CITY FILM FESTIVAL

# DOSSIER PÉDAGOGIQUE

## 14ème édition

29 / 02 → 10 / 03 / 2024



5-7 Joer

# DEN FOX AN D'FUNSI RETTEN DE BËSCH

Mascha Halberstad | LU, NL, BE, 2023 | 67' | Lëtzebuergesch Versioun | Animatioun



©DogHouseFilms

### SCHLËSSELWIERDER

- Frëndschaft
- Bësch
- Iwwerschwemmungen
- Solidaritéit
- Aventure
- Konstruktioun
- Ëmwelt
- Animatiounsfilm
- Adaptatioun vun enger Serie

Wou d'Eil op eemol verschwënnt an de Séi de Bësch iwwerschwemmt, maachen de Fox an den Hare alles fir hir Kolleegen erëmzefannen an d'Katastroph ze verhënneren. Hir Aventurë bréngen se bis bei de Biber – mee zu wéi engem Präis?

Virstellungen a Presenz vun der lëtzebuergescher Filmequipe (Doghouse Films)

**SCHOULVIRSTELLUNG**

**08/03** um 9:30 Auer – Ciné Utopia *(Schluss – 11:00 Auer)*

**SÉANCE PUBLIQUE** ***en français***

**09/03** à 15h30 – Ciné Utopia *(fin – 17h)*

---

## PEDAGOGESCH USÄTZ

- Sech ëm d'Leit suerge mat deenen ee léift an se schätzen
- Sech doheem fillen
- Déi Saachen déi ee kreéiert,déi en Impakt op anerer kann hunn
- D'Musek an den Toun an engem Film

## AKTIVITÉITEN

- De Film erzielt d'Geschicht vu verschidden Deieren déi zesumme liewen. Mat Hëllef vun de Biller aus dem Film, verbann d'Beschreiwungen zu de richtege Biller?




- **Ëmmer léif mam déif Wollef**
- **Séngt ëmmer gär**
- **Motzt ëmmer**
- **Staark, en hëlleft ëmmer gär deenen aneren**
- **Wëll ëmmer weisen, datt hien et kann an dat hie gutt doranneräss**
- **Huet ëmmer Angscht virum Waasser**
- **Fënnt ëmmer rational Léisungen**
- **Wëll ëmmer Spaass hunn an huet geckeg Iddien a Léisungen**



*Biller 1.*

*(Sireen: séngt ëmmer gär – Fox: wëll ëmmer Spaass hunn an huet geckeg Iddien a Léisungen – Jack (Wollef): ëmmer motzeg – Pig: wëll ëmmer weisen dat hien et kann an datt hie gutt doranner ass – Eil: huet ëmmer Angscht virum Waasser – Fonsi: fënnt ëmmer rational Léisungen – Séihond: staark, en hëlleft ëmmer gär deenen aneren)*

- Wéi geings du d'Bezéiung tëschent de Frënn beschreiwen?



*Biller 2.*

- o All zesumme wierken se wéi eng Famill déi zesumme wunnt. Duerch wien oder wat fills du dech doheem?

- Wärend dem Spill, léisst de Fox Kuch op de Buedem falen. Wéi reagéiert seng Frendinn d'Fonsi?

  - o Mat Hëllef vun de Biller aus dem Film, beschreif wat fir eng Léisung de Fox fënnt fir d'Situatioun erëm an d'Réi ze bréngen.



*Biller 3.*

  - o Hues du schonn eng Kéier en ongewollte Feeler gemaach? Wat hues de gemaach fir alles an d'Rei ze bréngen?

- De Grupp fënnt Waasser an et stellt sech eraus, dattet e Séi ass. De Séi ass d'Usaach fir d'Iwwerschwemmung. Hues du schonn eng Kéier eng Iwwerschwemmung erlieft?

  - o Wat riskéieren d'Leit déi eng Iwwerschwemmung erliewen?

  - o Weess du wat ee maache muss am Fall vun enger Iwwerschwemmung?

> *Beispill: Virun enger Iwwerschwemmung solls de kontrolléieren dat däin Haus näischt riskéiert. Fir virbereet ze sinn, mussen deng Elteren all Fënsteren an Dieren zou maachen, de Stroum ausmaachen, alles oprafe wat net naass soll ginn, den Auto stoe loossen an a Sécherheet bleiwen.*

  - o Et kann een och e „Survival Kit" virbereeden. Wat géings de dra maachen ? Fann deng Äntwert mat Hëllef vum Bild.




*Bild 4.*

  - o Iwwerschwemmunge kënnen aus zwee Grënn geschéien. Kenns du se?

> *Beispill: Iwwerschwemmunge kënnen aus natierleche Grënn (staarke Reen, Äisschmelzen, Tsunamien asw.) oder aus mënschleche Grënn (Ofholzung, Stied,déi ze no un d'Mier gebaut ginn, Schmotz an de Flëss asw.) virkommen. Zousätzlech dozou, ginn et vill natierlech Grënn, déi duerch mënschlech Aktivitéiten an der Natur verschlëmmert ginn. D'Äisschmëlzen huet sech z.B. an de leschte Joren duerch de Klimawandel verschlëmmert.*

  - o Kenns du aner Naturkatastrophen déi virkomme kënnen?

  - o Wéinst der Iwwerschwemmung muss de Grupp op eng aner Plaz plënneren. Wéi nennt een d'Leit, déi wéinst enger Klimakatastroph plënnere mussen? *(Klimaflüchtlingen)*

  - o D'Hare ass traureg,well et vill vu senge Saache verluer huet wéinst der Iwwerschwemmung. De Grupp versicht e puer vun de Saachen aus dem Haus ze retten. Wat géings du an dëser Situatioun retten?

- Wärend de Grupp versicht d'Haus ze retten, huet de Fox vill Spaass am Beaver sengem Haus. Kuck dir d'Biller aus dem Film un an nenn all d'Aktivitéiten oder flott Konstruktiounen, déi s duam Haus fënns!



*Biller 5.*

- Stell dir Konstruktioune vir, déi de Beaver hätt kéinte baue fir seng Frënn frou ze maachen a mol se!

  > *Beispill: en Trampolin, e Sprangschlass, Freedefeier, asw.*

- Wéi eng vun dësen Adjektiven beschreiwen am Beschten dem Beaver säi Verhalen? Begrënn deng Äntwert. Gaaschtfrëndlech, léif, gescheit, arrogant, bescheiden, duercherneen, béiss, generéis, staark.

  - Wat denks du wëlltde Beaver? Fann deng Äntwert mat Hëllef vun de Biller aus dem Film!



*Biller 6.*

  - Mengs du dat ee Leit ronderëm sech brauch fir glécklech ze sinn? Gëff Beispiller vu Momenter, wou s dugär a Momenter wou s du net gär eleng bass!

  - Wéi fannen si de Wee erëm eraus, wéi de Beaver si agespärt hat?Hëllef dem Fox a senge Kolleegen de Wee fir eraus ze fannen an hiert Haus erëmzefannen!





*Bild 7.*

*D'Versioun fir auszeprinten ass op de Link zum Schluss vun dëser pedagogescher Fiche ze fannen.*


- A ville Momenter am Film, sangen d'Personnagen aus dem Film fir sech auszedrécken. Kuck dir d'Biller aus dem Film un a nenn d'Museksinstrumenter déi s de erëm erkenns.



*Biller 8.*

  - Spills du en Instrument oder wéilts du gär en Instrument spillen? Wa jo, wéi eent?

  - Sich dir däin Instrument aus a fierf et!



*Biller 9.*

*D'Versioun fir auszeprinten ass op de Link zum Schluss vun dëser pedagogescher Fiche ze fannen.*

- Kenns du aner Animatiounsfilmer wou gesonge gëtt?

- An Animatiounsfilmer ginn et keng richteg Schauspiller/innen. De Regisseur oder d'Regisseurin benotzen Zeechnunge fir hir Personnagen a Geschichten ze erzielen. Fir eng Sekonn Animatioun, brauch ee 24 verschidde Biller. Soubal d'Zeechnungen an de Montage fäerdeg sinn, ginn d'Schauspiller/innen an de Studio d'Stëmmen ophuelen, wéi s de et am Bild gesäis. Doduerch kréien déi verschidde Personnagen eng Stëmm a gi lieweg gemaach.





*Biller 10.*

- Maach du och d'Stëmm vun engem Animatiounsfilm: Kuck dir den Ausschnëtt aus DEN FOX AN D'FONSI RETTEN DE BËSCH zwee mol un. A klenge Gruppen, stellt iech vir wat d'Personnagë kéinte soen. Soubal dir iech en Dialog tëschent de Personnagen virgestallt hutt, spillt de Video nach eng Kéier duerch a maacht d'Stëmme vun de Personnagen.
  Video: FOX AND HARE: "BIRTHDAY" (CICFFF OFICIAL SELECTION), FACETS, 2019.

D'Biller aus dësem Dossier, kënnt dir ënnert dësem Link eroflueden:
https://www.luxfilmfest.lu/wp-content/uploads/2024/01/Den-Fox-an-dFunsi-retten-de-Besch.zip